VETERAN & VINTAGE CAR CLUB OF LUXEMBOURG a.s.b.l
B.P. 2025 · L-1020 LUXEMBOURG
www.vvccl.com • vvccl@pt.l

MEMBRE

Invitatioun fir eisen Hierscht-Tour, d'Randonnée „Serge Krier“ den 23. September 2018.

!!! den Datum huet geännert !!!

Cents, den 18. August 2018

Léif Memberen,
Eisen Hierschttour ass eng Woch méi fréi geluegt ginn well den Rendez-vous „Zesummen ënnerwee“ eng Woch méi spéit ass, wei ufanks virgesinn.
Rendez-vous fir eisen Hierscht-Tour ass also den **23. September 2018 ab 9 Auer beim Garage Muller – ARAL Tankstell 33, route principale L-7450 Lëntgen**, wou mir e Kaffi mat engem Croissant zerwéiert kréien.
10.15 Auer – Depart vun enger Randonnée vun 77 Kilometer duerch d'Éislek iwwer Miersch, Viichten, Heischent, Pommerlach, Déierbech, Wëntger, Ëlwen, Wämperhardt op **Huldang**, wou mir am **K-Restaurant** Mëtteg maachen:
ab 12.00 Auer Apero an géint **12.30 Auer Mëttegiessen**

Menu – boissons comprises:
apéritif maison, eau plate, eau gazeuse, vin blanc, vin rouge, café

- Feuilleté aux champignons et fines herbes
-Ragout de boeuf façon bourguignonnne
Purée grand-mère, salade
-Nougat glacé au miel d'acacia et coulis de fruits rouges

Jiddereen bestëmmt selwer wéini an wéi eng Streck hien wëllt zeréck fueren.
Den K-Restaurant leit un der N7, also un der grousser Strooss zeréck an de Süden.

Virkrichsgefierer sinn besonnesch wëllkomm – Gesamtstreck ab Lëntgen: ±150km

Mir hunn vum Club keen Iessen Owes virgesinn.

Fir bei dësem Tour dobäi ze sinn, braucht dir just **68 EUR pro Persoun** op de Kont vum VVCCL CCPL IBAN **LU92 1111 0041 6288 0000** ze iwwerweisen mat dem Vermierk **„Hierscht-Tour 2018“**.

D'Kanner bis 12 Joer sinn frei, mussen awer um Virement mat ugemellt ginn.
Maacht är Iwwerweisung w.e.g. bis spéitstens den 7. September 2018.
Duerno kann aus organisatoreschen Grënn keng Umeldung méi ugeholl ginn!

Dir fannt dann och hannendrun d'Invitatioun fir den Rotary-Tour vum 30. September 2018 „zesummen ënnerwee“ mat den handicapéierten Leit.
Mir géingen Iech ganz häerzlech invitéieren och op deem Tour mat ze maachen.
Eisen Club ass schonn zënter Joren ëmmer gutt vertratt - e ganz flott Erliefnes.

Guy Arend
Sekretär